PIRATEN

Sensibilité politique
Boîte postale 83
L-7201 Bereldange

**Här Gast Gibéryen**
President vun der
Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
Entrée le:
28 NOV. 2018
62

Lëtzebuerg, den 26 November 2018

Här President,

Sou wéi den Artikel 83 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un den Här Wirtschaftsminister Etienne Schneider weiderzeleeden.

*Dem Institut National de la statistique et des études économiques (STATEC) seng Missioun besteet, wéi et am Gesetz vum 10 Juli 2011 festgehale gouf, an der Constitutioun vun engem statisteschen Informatiounssystem, dee fir d'Ëffentlechkeet zougänglech soll sinn. Wärend d'Resultater vun den Etüden och tatsächlech reegelméisseg vum STATEC publizéiert ginn, bleiwen déi erhuewene Mikrodaten allerdéngs fir e Groussdeel vum Public net accessibel.*

*Daten, déi vum STATEC erhuewe goufen, a vertraulech perséinlech Informatiounen enthalen, kennen net frei zougänglech sinn an däerfe vu Wëssenschaftler nëmmen agesi ginn, wann virdrun eng Demande agereecht ginn ass, an där de Wonsch no engem Zougrëff ob des vertraulech Mikrodaten hiréichend begrënnt an d'Relevanz vum wëssenschaftleche Projet iwwerzeegend duergestallt gouf. Dëst ass wichteg fir de Schutz vun der Privatsphär a gëtt vun de Pirate begréisst.*

*Allerdéngs kéinten anonymiséiert Mikrodaten an déi dozougehéierend Codebicher duerchaus ëffentlech zougänglech sinn, fir eng zivilgesellschaftlech Iwwerpréiwung vum STATEC senge Methoden a Resultater ze erméiglechen an duerch den einfachen Zougrëff néi Studien ob Base vun dësen Daten ze encouragéieren.*

*An dësem Zesummenhang wéilt ech dem Här Wirtschaftsminister dës Froe stellen:*

- *Stellt de STATEC der Ëffentlechkeet anonymiséiert Mikrodaten zur Verfügung?*
- *Am Fall wou d'Äntwert positiv ausfält: Wéi a wou sinn des Datesätz ze kréien?*
- *Am Fall wou d'Äntwert negativ ausfält: Mat wéi enger Begrënnung enthält de STATEC der Ëffentlechkeet des Date fir?*

Mat déiwem Respekt,

Sven Clement
Deputéierten

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG

Dossier suivi par Christian Alff
Service des séances plénières et secrétariat général
Tél : 466.966.223
Fax : 466.966.210
e-mail : calff@chd.lu

Monsieur Fernand Etgen
Ministre aux Relations avec le Parlement
Luxembourg

Luxembourg, le 28 novembre 2018

Objet : Question parlementaire n° 62 du 26.11.2018 de Monsieur le Député Sven Clement - Données du STATEC

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous communiquer par la présente la question parlementaire sous objet.

Je vous prie de bien vouloir me faire parvenir la réponse du Gouvernement dans le délai d'un mois afin que je puisse la faire publier avec la question au compte rendu.

Veuillez agréer, Monsieur le Ministre, l'expression de mes sentiments les plus distingués.

Gast Gibéryen
Président de la Chambre des Députés